ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, d'Madamm Banneminister, d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Minister fir Asyl an Immigratioun weiderzeleeden.

A ville Gemenge fënnt am Moment déi sougenannt "grouss Botz" statt. Privatleit, Veräiner, politesch Parteien an aner Organisatiounen engagéieren sech fir d'Uertschaften an d'Natur vum Knascht ze befreien, deen am Laf vum leschte Joer weggehäit ginn ass. Dësen Engagement fërdert ënner Anerem och déi gesellschaftlech Solidaritéit. Gläichzäiteg hu mir vill "demandeurs de protection internationale" (DPIen) am Land, déi opgrond vun hirem Openthaltsstatus nach kenger regulärer Aarbecht dierfen nogoen. Foyeren an deenen esou Persounen wunnen, gëtt et well schonn an enger grousser Zuel vu Gemengen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung des Froe stellen:

1) Si bis elo schonn DPIen kontaktéiert ginn, z.B. vum Staat oder de Gemengen, fir un esou Aktiounen deelzehuelen? Ass dat och scho vläicht opgrond vun enger Initiativ vun den DPIe selwer geschitt?
2) Kéinten esou Aktiounen net och zu enger nach besserer Akzeptanz vun dene Persounen an där breeder Populatioun bäidroen? Wär dat och als e Bäitrag zur Integratioun an déi lokal Communautéit ze gesinn?
3) Kéint d'Regierung sech virstellen, am Sënn vun deene méigleche positiven Auswierkungen, DPIen och fir aner Aarbechten am allgemengen, ëffentlechen Interessi anzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten